# Den LOQ mam LOD

4. Editioun: 12 Froen (Motto: Riedensaarten).
Mëttwoch, 22. Abrëll um 10 an um 16 Auer.



# Wat ass en LOQ?

→ LOQ = Live-Ortho-Quiz
→ Test Äert orthografescht Wëssen
→ Multiple-Choice-Froen
→ Spillt live géint aner Leit

lod.lu Lëtzebuerger Online Dictionnaire

DE + FR | DE | FR | EN | PT

**Quiz** **männlecht Substantiv** (*Pluriel* Quizzen / Quizzer)

DE *Quiz* FR *quiz*

Beispill

ech hu bei engem Quiz matgemaach an eng Rees gewonnen

# Wat ass den LOD?

→ Lëtzebuerger Online Dictionnaire

→ E Service vum Zenter fir d'Lëtzebuerger Sprooch (ZLS)

→ Ze fannen ënner www.lod.lu

# Testfro: Dat do huet ...

✓ kee Kapp a kee Schwanz!

✗ kää Kapp a kää Schwanz!

0

# Weider geet et mam Ortho-Quiz!

12 Froen. Allkéiers 20 Sekonnen Zäit.
Prett? Dann haalt lech un!

# 1/12: "Bal" ass nach keng ...

| Maus an der Fal. ✓ | Mäus an der Fal. ✗ | Maus an der Faal. ✗ |
| --- | --- | --- |

0

# Maus an der Fal

→ Den Duebellaut bei "Maus" oder "Brauch" gëtt ëmmer "au" geschriwwen.

→ Fal: De Vokal "a" ass laang an et steet just ee Konsonant hannendrun.

# 2/12: Dat doten ass eng Plooschter op en ...

| ✗ | ✗ | ✓ | ✗ |
|---|---|---|---|
| hölzent Been. | hëllzent Been. | hëlzent Been. | Hëlzent Been. |

0

# hëlzent Been

→ Als Adjektiv gëtt et klenggeschriwwen.

→ Den däitsche kuerzen "ö" ass am Lëtzebuergeschen ëmmer "ë".

→ Just een "l", well et vun "Holz" kënnt.

# 3/12: Lo riet der de Mond net ...

- ✓ a Fränjelen!
- ✗ a Frännjelen!
- ✗ a Frennjelen!
- ✗ a Fränschelen!

0

# a Fränjelen

- → "Fränjelen" kënnt vum franséische "frange", dofir mat "ä".
- → De stëmmhafte Laut an der Mëtt gëtt "j" geschriwwe wéi bei "Pijen".
- → Den "n" muss net verduebelt ginn, well zwee Konsonanten (nj) hannerum kuerzen "ä" stinn.

# 4/12: Si hu kee gutt Hoer un him ...

gelos. ✗ | geloos. ✗ | gelooss. ✓

0

# gelooss

- → "loossen" gëtt mat engem schaarfen "s" geschwat an dofir "ss" geschriwwen.
- → Wéi och am Däitschen: lassen.
- → Duerch déi zwee Konsonanten "ss" muss de laange Vokal virdru verduebelt ginn: gelooss.

# 5/12: Maach, datt d' ... am Duerf bleift!

- Kiirch ✗
- Kierch ✓
- Kiëch ✗
- Kiersch ✗

0

# Kierch

→ "Kierch" mat "r" a mat "ch" wéi am Däitschen (Kirche).

→ De laangen "i" gëtt virun "r+ch" zu "ie" (r-Reegel).

# 6/12: Lo wier et bal geschitt mat der ...

Hamebritt.

Hamebrit.

Haamebritt.

Haamëbritt.

0

# Hamebritt

- → "Ham" huet e laange Vokal mat engem Konsonant hannendrun, dofir just een "a".
- → Den "e" ass net betount a kritt keen Treema.
- → "Britt" kritt zwee "t", well den "i" kuerz ass.

# 7/12: Hien hat gëschter Owend schéin de Kenki ...

gediëbelt.

gedierbelt.

gediebelt.

0

# gediebelt

- → D'Verb "diebelen" kënnt vun "duebel zesummeleeën", dofir keen "r".
- → Den "ie" ass en Duebellaut an den "e" kritt do keen Treema.

# 8/12: Wann d' ... sat sinn, ass d'Miel batter.

Mais

Meis

0

# Mais

→ Bei enger Grondform mat "au" gëtt den Duebellaut "ai" geschriwwen.

→ De Singulier "Maus" huet "au", dofir am Pluriel "ai" (an net "ei").

→ Aner Beispiller: Daimchen (Daum), Gebai (bauen), Sai (Sau).

# 9/12: An Zäite vu Corona fuere mer all mat der ... an d'Vakanz.

Heibleifskärchen

Heibleiwskärchen

Heibleifskäerchen

Heibleiwskäerchen

0

# Heibleifskärchen

- "Bleiwen" kritt en "f", wann de Laut hanne stëmmlos geschwat gëtt wéi bei "Scheif".
- Den Diminutiv "chen" gëtt eenzel gekuckt, dofir kritt "kärchen" just "är" (laange Vokal + 1 Konsonant).
- Virun der Orthografie 2019 war d'Schreifweis "Käerchen" richteg.

# 10/12: Kanns de wannechgelift deng Aarbecht maachen? Ouni vill ...

- ✗ Fissematenten.
- ✓ Fisematenten.
- ✗ Fisematänten.

0

# Fisematenten

- Den "s" gëtt mëll geschwat (wéi bei "Sonn") an dierf dofir net verduebelt ginn.
- D'Schreifweis vum Wuertdeel "tent" riicht sech no der Volleksetymologie "visitez ma tente".

# 11/12: Keen Drama! Dat ... der Kaz kee Bockel!

mëcht

mécht

mëscht

0

# méc ht

→ Den "ch" ass och schonn an der Grondform: maachen.

→ Virun "ch" dierf keen "ë" stoen: mécht.

→ Aner Wierder: sécher, dréchen, Spréchwuert.

# 12/12: Deen do dréit de Su dräimol ëm, éier en en ...

- ✗ eweggëtt.
- ✗ ewächgëtt.
- ✗ ewechgët.
- ✓ **ewechgëtt.**

0

# ewechgëtt

- → No engem kuerze betounte Vokal steet "ch" (egal wéi et am Däitschen ass): ewech.
- → D'Form "gëtt" huet e kuerze Vokal. Dofir muss den "t" verduebelt ginn.
- → Et gëtt uneneegeschriwwen, well d'Verbpartikel "ewech" inhaltlech zum Verb gehéiert a betount ass.